



## Petitioun

### « Fir e séchere Parking bei der Grondschoul Rénert »

Léif Elteren, Grousselteren an Awunner vun de Gemenge Manternach a Bech,

Wann dat neit Schoulgebai fir de Précoce an de Cycle 1 um Schoulkomplex Rénert opgeet, kommen op engem Coup ongeféier 100 Kanner méi op dee Site. D'Unzuel vun de Kanner klëmmt vun ongeféier 200 op 300 erop, dat ass enorm !!

Leider wäerten déi grouss Problemer vun der Sécherheet vun de Kanner um Parking an op hirem Wee vum Parking oder vun de Busse bis bei d'Schoul awer bestoe bleiwen. De Moment ass deen Zoustand katastrophal: d'Kanner ginn op de selwechte Weeër wéi d'Autoe fueren, d'Bussen hënneren een den aneren an de Floss vun den Autoen. Et grenzt un e Wonner, dass bis elo nach näischt Schlëmmes geschitt ass.

Beim Ausschaffe vum neie Schoulgebai war och e Bureau d'Etudes beoptraagt ginn, fir e neit Konzept fir de Parking auszeschaffen. Leider ass d'ELVERE net vun Ufank un an dee Projet mat agebonne ginn, Mir hunn d'Etude eréischt gesinn, nodeems schonn alles am Schoulsyndikat Synécosport décidéiert war. Dat Konzept, dat an enger éischter Linn vum Bureau d'Etudes proposéiert ginn ass, huet, eiser Meenung no, déi richteg Äntwerten op déi aktuell Problemer ginn:

- **Reamenagement vu engem extrae Agang an Ausgang fir privat Autoen onofhängeg vun de Foussgängerweeër, déi d'Kanner benotzen**
- **Amenagement vun extrae Foussgänger-Weeër fir d'Kanner (ausserhalb vun den Autosweeër)**
- **Amenagement vu Busquaien**
- **Amenagement vu "Kiss & Go" - Parkplazen**
- **Etc.**

Dëse Plang ass eng Skizz vun der ELVERE a baséiert op den Erklärungen, déi mir bei der Presentatioun kritt hunn. En entsprécht net 100% dem tatsächleche Projet, ass net bindend an soll just déi generell Iddie vum Projet presentéieren.



Leider ass dëse Projet awer majoritairement vum "Synécosport" verworf ginn.

Zeréckbehalen ass elo nëmmen den Amenagement vun zwee Busquaien ënnert de Centre Beaufaire. Doduerch ännert sech un der Sécherheet vun de Kanner um Parking selwer guer näischt.

An engem Bréif hu mir, als ELVERE, zesumme mat den Elterevertieder, de Synécosport mat de Gemeengevertieder opgefuerdert, hir Entscheidung nach eemol z'iwwerdenken a fir e bessert Konzept fir de Parking vun eiser Grondschoul ze stëmmen.

Leider hu mir op dëse Bréif bis elo keng Äntwert kritt. (Dir fannt de Bréif op eise Homepage).

Dofir starte mir elo eng Petitioun an bieden Iech em Är Ënnerstëtzung.

Mer hoffen, dass mer ganz vill Leit dovun iwuerzeegt kréien, eis Petitioun z'ënnerstëtzen duerch déi si hire Wonsch ausdrécken, dass et am Sënn vun der Sécherheet vun eise Kanner ass, dass sech un der Parksituatioun an Zukunft massiv eppes ännert.

**Et geet ëm d'Sécherheet vun all de Kanner aus eisen zwou Gemengen !**

**Fir eis z'ënnerstëtzen, ënnerschreift eis Petition op [www.elvere.lu](http://www.elvere.lu)**